Wahlrecht ab 16

(Extrait aus dem CSJ Wahlprogramm « Iddeen fir d'Zukunft » vun 2009 – Kapitel 7 Politesch Bildung a Partizipatioun S.15-18)

D'Interessi un der Politik fällt kengem Mensch einfach sou an de Schouss. Dat gëllt esouwuel fir dat theoretescht Wëssen, ewéi och fir d'Motivatioun an d'Fähegkeet, sech aktiv ze engagéieren. Mee besonnech an enger Demokratie, wou d'Muecht beim Vollek läit, an all Bierger d'Recht oder esouguer Pflicht huet, seng politesch Meenung ze äusseren, ass politesch Ignoranz eng Gefor an de politeschen Desinteressi vun der Bierger ee Risiko fir d'Iwwerliewe vun der Gesellschaftsuerdnung.

Politik däerf deemno net passiv nokucken an op ee Wonner waarden. Et ass emminent wichteg, datt besonnech fir déi Jonk een optimalt Ëmfeld geschafe gëtt, andeem si sech kënnen engagéieren, informéieren a bilden.

Vu verschiddene Säite gëtt an deem Zesummenhang d'Erofsetzen vum Wahlalter op 16 Joer als Wonnermëttel gefuedert. D'CSJ ass prinzipiell net géint esou eng Méiglechkeet.

Allerdéngs mécht alleng d'Erofsetze vum Wahlalter eiser Meenung no kee Sënn, esoulaang net virdrun d'politesch Bildung, d'Qualitéit vun den Informatiounen an d'Méiglechkeeten zu aktiver, politescher Bedeelegung verbessert gi sinn. Eist Land brauch eng lieweg Politik. An dem Sënn soll den Haaptakzent op der Stäerkung vun der direkter, partizipativer Demokratie leien.

Dofir fuedert CSJ:

- Ee kohärent a laangfristegt Konzept fir d'politesch Partizipatioun a politesch Bildung vun der Jugend ze förderen an ze verbesseren. Esou ee Konzept muss virun allem vun der Schoul gedroe ginn, well dat déi eenzeg Plaz as, wou een un all déi Jonk kënnt. Ausserdeem ass et déi eenzeg Plaz, wou déi Jonk kënnen ënner kompetenter Obsicht éierlech, kontrovers an parteineutral politesch Debatte féieren.

- Datt den Inhalt an de Stellewert vun der heiteger „instruction civique" opgewert ginn. Mir brauchen een interaktiven an interdisziplinären, parteineutrale politeschen Unterrecht. Dëse soll schon a niddrege Klassen agefouert ginn. Am beschte wäer d'Aféierung vun engem

Gesellschaftscours, deen och een allgemengen Iwwerbléck an Economie, rezenter Geschicht, Géographie, Politik, Droit a Philosohpie gëtt.

- Datt an de Schoulen verschidde praktesch a sozial Fähegkeeten, déi souwuel fir d'politescht Engagement ewéi och fir d'beruflecht Liewe gebraucht ginn, verstäerkt vermëttelt ginn. Déi méi technesch Kenntnisser kënnen de Schüler an engem „cours méthodologique" wéi en och op den Universitéiten existéiert, bäibruecht ginn. Déi sozial Fähegkeete kënnen allerdengs nëmmen duerch eegen Erfahrung geléiert ginn, andeems vun de Schüler verlaangt gëtt, datt si méi mëndlech Exposéën, méi Pojetsaarbechten a méi Diskussioune maachen. Et ass net néideg dofir extra Coursën anzeféieren, well haut scho Fächer ewéi z.B. de Geschichts- oder Sproochunterrecht dofir geeegnet sinn.

- D'Aféierung vun engem Optiounsfach „sozialt Engagement" an de Lycéeën, fir de Bénévolat bei de Jugendlechen ze förderen. An esou engem Cours sollen déi sozial Akteuren, virun allem d'ONGe sech virstellen an duerno een oder zwee Projeten zu Gonschte vun engem oder puer sozialen Akteuren vun de Schüler geplangt an duerchgefouert ginn.

Bildung am engere Sënn geet awer net duer. Doniewent mussen och d'Informatiounen iwwert de politeschen Alldag méi jugendfrëndlech an transparent gestalltet ginn.

Dofir fuedert d'CSJ:

- Datt och d'Parteie verstäerkt hir Verantwortung iwwerhuelen an d'Méiglechkeete vum Internet besser notzen. Virun allem Videochats a Videosequenzen hu gutt Chance fir méi un déi Jonk ze kommen, ewéi déi traditionnell Medien.

- Datt een Internetsite entsteet, deen Positioune vun de verschiddene Parteie bei all wichtegen Diskussiounen a Projeten iwwersichtlech no Themen duerstellt, fir d'Transparenz ze verbesseren. Sou ass et net méi néideg, all eenzelnen Internetsite ze duerchsichen. Par rapport zu de Printmedien oder der Telé ass et sou och méiglech, datt all Partei seng Positioun nuancéiert an am Détail duerstellt an z.B. an engem gemeinsame Forum och Kritiken zu de Positioune vun den aaneren Parteien äussert . Esou ee Site oder Forum kéint dofir vun alle Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, zesummen bedriwwe ginn. Doduerch gëtt nämlech assuréiert, datt de Site an engem gewësse Sënn objektiv ass an awer eng innovativ Diskussiounskultur garantéiert ass.

Wësse verléiert sech, a mécht och wéineg Sënn, wann ee keng Geleënheet huet, dëst och produktiv anzesetzen. Fir d'politesch Partizipatioun speziell vun de Jonken ze förderen, fuedert CSJ:

- Datt allgemeng d'Politiker d'Meenungen vun de Jonken, sief et eng individuell Stellungnahm oder eng Äusserung vun enger Jugendorganisatioun, eescht huelen, se respektéieren an hinnen och dorop äntweren. Dat bedeit natierlech net, datt si der Jugend ëmmer musse Recht ginn.

- Datt puer mol am Joer Débatsë mat politesche Mandatsdréier, sief et Ministeren oder Députéierten an eise Lycéen organiséiert ginn, am beschte während de Schoulstonnen. Dës Débatsë musse mat Hëllef vun den Enseignanteë virbereed ginn, fir datt d'Schüler net nëmme passiv nokucken, mee aktiv matschwätzen.

- Eng Stäerkung vun der nationaler Jugendkonferenz (CGJL). Fir gréisser Initiativen, déi dat politescht Engagement vun de Jugendleche fördert, wéi z.B.dat geplangten nationalt Jugendparlament, muss d'CGJL déi néideg finanziell a personnel Ressource kréien.

- Datt jonk Gemengeréit a Schülercomitéen nei belieft ginn.

- Datt Parteie speziell hir Jugendkandidate förderen, fir datt si eng Chance hunn, sech duerchzesetzen a mir sou an Zukunft méi jonk Députéierten an der Chamber sëtzen hunn.

- Datt bei de Landeswahlen op all komplett Lëscht op mannst 10% vun de Kandidaten, a bei den Europawahlen op mannst ee Kandidat ënner 35 Joer muss drop sinn. Gëtt dës Quote vun enger Partei, déi an all Wahlbezierk mat komplette Lëschten untrëtt, erfëllt, da soll se am Kader vum Parteiefinanzéierungsgesetz eng zousätzlech Jugendförderung kréien.

- Datt Medien am Allgemenge méi dacks iwwert Aktivitéite vun de Jugendparteienan aaneren politesche Jugendorganisatioune berichten an am Wahlkampf de Jugendkandidate eng Diskussiounsplattform ubidden.

- Datt Plattform „Jonk wielt" vun der CGJL, déi et de Jugendparteien erméiglecht an de Lycéeë selwer mat de Jonken a Kontakt ze trieden an ze débattéieren, och iwwert d'Wahljoeren eraus erweitert gëtt.

- Datt de Staat verstäerkt Servicer opbaut, wou Jugendorganisatioune gratis oder relativ gënschteg kompetent Moderatoren an Iwwersetzer fir hir Veranstaltunge kënnen ufroen.